

Di zwou Befreiunge vun Dikrich September 1944 – Januar 1945

Roland GAUL an Dan JORDÃO

Gudden Owend. Et ass mer eng Freed an Éier, an ech wëll de Responsable vu 750 Joer Dikrich Merci soe fir den allgemengen Interêt un enger Presentatioun iwwert di zwou Befreiunge vun Dikrich. Um heitegen Dag ginn et genee 66 Joer datt d'Ardennenoffensiv lassgebrach ass a grouss Deeler am Norden an am Oste vum Land – a soumat Dikrich – erëm fir kuerz Zäit vun däitschen Truppe besat goufen, nodeems jidderee gehofft hat datt no der Septemberbefreiung 1944 de Krich nach Enn dës Joers kéint eriwwer sinn.

Meng Presentatioun iwwert di zwou Befreiunge vun Dikrich ass zum Deel enk verbonne mat den Aktivitéite vun eisem Musée – dem MNHM –, dee jo zum gréissten Deel dat Thema veranschaulicht. Et ass natierlech net einfach, bannen 30 Minutten dëst Thema ausféierlech ze behandelen, well et muss een Dikrich ëmmer erëm derbäi an ee gréissere Kontext setzen. Ech well mech duerfir och nëmmen op dat Wesentlech beschränken a kann net an all Detailer goen!

Vill vun deem, wat ech iech elo erziele, baséiert op Recherchen a Militäarchiven, awer och op villen Interviewen, déi ech an de leschten 30 Joer mat Dikricher Leit a mat amerikaneschen an däitsche Veterane gemaach hunn. Um Enn vun der Presentatioun weise mir iech dann och nach eng kleng Rei Fotoen, fir d'Konferenz bëssi ze illustréieren. Gutt – fuere mir also duer!

6. Juni 1944

No 4 Joer Trauma, de **6. Juni 1944**, koum dunn endlech, wat all déi vun Nazi-Däitschland besate Länner an Vëlker sech erhofft haten – di alliéiert Landung an der Normandie, **d'Operatioun Overlord**, och nach bekannt als den **D-Day**.

Déi wor säit längerem geplangt a virbereet, mais aus logisteschen a meteorologesche Grënn huet den Datum missten e puer Mol geréckelt ginn, bis dunn am spéiden Nomëtteg vum 5. Juni den General Eisenhower, de Commandant Suprême vun den alliéierten Truppen, schlussendlech gesot huet „OK, let's go“, an d'franséisch Résistance dee berühmte Vers vum Paul Verlaine „les sanglots longs des violons de l'automne blessent mon cœur d'une langueur monotone“ transmettéiert krut fir hinne Bescheed ze ginn, datt d'Invasioun bevirstéing. Well bei deem welthistoreschen Evenement och dräi Dikricher derbäi waren, géif ech heizou eisem Spezialist „Anciens Combattants“ aus dem Musée, dem Dan JORDÃO, kuerz d'Wuert gi fir een „Intercalaire“. Ech iwwerhuelen dann duerno erëm fir den eigentlechen Deel vun der Konferenz:

(Dan JORDÃO)

Dir Dammen an Dir Hären, fir déi, déi mech net kennen, stellen ech mech gäre kuerz vir: Mäin Numm ass Daniel JORDÃO, ech sinn am Verwaltungsrot vum Musée National d'Histoire Militaire an sinn do zous-tänneg fir Recherchen iwwert d'Anciens Combattants ze maachen an d'Relatiounen mat den Anciens Combattants ze ënnerhalen.

Den 6. Juni 1944 sinn dräi Dikricher Jongen an der Normandie gelant. Loosse mer kuerz eng Kéier kucken, wei déi dräi Jonge vun Dikrich an d'Normandie koumen.

Et war den 19. Juni 1941, wou déi zwee Bridder Jäng an Tun NEVEN mat hirem Noper a Frënd Félix PETERS décidéiert hunn, Dikrich ze verlooosse mam Ziel, London ze erreeche fir sech do an eng alliiéiert Arméi ze mellen a géint den Oppresseur ze kämpfen.

Eis dräi Kollegen hu sech mat zwee Dikricher Komeroden, dem Robert WINTER an dem Romain CROISE, duerch d'Bascht gemaach an zu Hoën si si iwwert d'Grenz gaangen. Zu Arel hunn de Romain CROISE an den Robert WINTER de Groupe verloooss an hiert Gléck iwwert Bréissel versicht fir da méi schnell op London ze kommen.

Eis dräi Komeroden, déi zwee Bridder NEVEN an den PETERSe Félix, hunn et iwwert den übleche Wee probéiert fir op Gibraltar ze kommen. Nodeems si a Frankräich nuets iwwert d'Demarkatiounslinn gaange sinn, hu si méi wéi 6 Méint laang a franséschen Aarbechtscampen verbruecht mat deelweis haarder Aarbecht an de Minièren.

Den 21. Abrëll 1942 hu si nuets ugefangen, d'Pyrenäen ze erklammen fir a Richtung Spuenien duerchzebriechen. Vun der Grenz aus ass et ze Fouss bis op Barcelona gaange mat deelweis Etappen ouni ze drénken. Vun do aus ass et mat Hëllef vum engleschen Ambassadeur a Richtung Portugal gaangen, wou si dunn endlech ee Schëff a Richtung Gibraltar hu kënnen huelen.

Do hu si sechs Wochen um Fluchfeld als Aushëllef geschafft bis si a Richtung England ageschëfft gi sinn. Soubal si op briteschem Territoire waren, si si an d'Patriotic School agespaart ginn, wou si ausgefrot gi sinn fir sécher ze goen, dass et keng däitsch Spioune wäeren. Den Zoufall wollt et, datt hiren Interrogateur selwer virum Krich oft op Dikrich an d'Sauer fësche komm ass, an d'Jongen esou schnell beweise konnten, datt si op der gudder Säit waren.

Vun do aus ass et schnell gaangen, si hu sech an d'belsch Arméi gemellt an sinn dunn a Richtung Belsche Congo gaange, wou si gesot kruten, dass keen eppes mat hinne kéint ufänken, a si sech eng Aarbecht solle sichen. Dat wollten si net, an dofir si si nuets mat enger Pirogue iwwert de Floss op Brazzaville an de Fransésische Congo eriwergeschwommen fir sech do an d'Forces Françaises Libres ze mellen.

Vun do aus si si erëm schnell an England komm an hu sech fräiwëlleg bei déi franséisch Kommando gemellt, déi de Philippe Kieffer grad amgaange war ze forméieren. Eis dräi Dikricher sinn dunn op Achnacarry a Schottland transferéiert ginn, wou si an engem Trainingslager een onmënschlechen Training kruten, deen tëschent 6 an 8 Woche gedauert huet, an duerch dee wuelverdängten Gréngé Béret gekréint ginn ass.

An den Reie vun deem bekannte Kommando Kieffer hunn d'Bridder NEVEN an den Félix PETERS sech op d'Landung virbereet. Den 6. Juni war et dunn souwäit. Ënnert deenen dausenden Zaldoten, déi an der Normandie landen, sinn och siwe Lëtzebuerger, an dorënner dräi Dikricher! Si befanne sech op zwee verschiddene Landungsbooter vum Typ LCIS. Den NEVENs Jäng an den PETERSe Félix sinn op engem Schëff, den NEVENs Tun op engem aneren. Um 7h32 ass et souwäit, déi zwee Schëffer landen zu Colleville-sur-Orne bei Ouistreham, an d'Männer fänken un iwwert déi holpreg Brécken erauszeklappen. Den NEVENs Jäng an den PETERSe Félix kënnen ouni gréissere Problem landen, allerdéngs gëtt d'Landungsbréck vum Schëff, wou den Tun sech befénnt, duerch eng preisesch Granat zerstéiert. Den Tun klëmmt dunn op dat anert Schëff eriwuer fir dann endlech ze landen a sech an Sécherheet ze bréngen.

An enger zerstéierter Vakanzekolonie ass den „Point de Ralliement“. D'Kommandoen erhuelen sech kuerz, loossen hier Rucksäck leien an maachen sech dann op de Wee fir Ouistreham ze befreien. De Jäng an den Félix huelen Deel un der Befreiung vun der Stad selwer, den Tun hëlleft de Bunker an d'Widerstandsnascht anzehuelen, deen do gebaut ginn ass, wou den Casino stoung. Déi Aktioun ass

wuelbekannt aus dem Film „Le Jour le plus long“, allerdéngs ass et net grad sou verlaf wéi am Film.

Nodeems de Kommando Kieffer eng grouss Unzuel u Leit verluer hat, ënnert hinnen hiren Dokter, hu si sech missen zeréckzéien an d’Haiser, déi ronderëm de „Casino“ louchen. De Philippe Kieffer huet dunn ee Panzer vun der Plage kommegelooss an d’Kanoune vum Bunker domat ausser Betrib gesat. Et ware keng Schwëstere do, déi während der Schluecht d’Kommandoe verfleegt hunn. Wat allerdéngs stemmt, ass dass zu Ouistreham selwer an engem Klouschter e Lazarett opgeriicht ginn ass, wou déi Verwonnt hibruecht gi sinn, an wou Schwëstere de Militärdékter ausgehollef hunn.

Nodeems Ouistreham gebotzt war, huet de Kommando sech erëm op de Wee gemaach. Si sinn hier Rucksäck erëm sichegaang an hu sech a Richtung vun deem berühmte Pegasus Bridge gemaach. Den Owend vum 6. Juni hu si hier Positione bei Amfreville ageholl an hunn do während ongeféier zwee Méint d’Front un der rietser Flank vun den alliierten Truppe gehalten. Während där Zäit ass den Félix PETERS de 17. Juni während enger Patrull gefall.

Wéi d’lëtzebuerger Land befreit gouf, war de Kommando Kieffer mat den zwee Bridder NEVEN bei der Seine ukomm. E puer Deeg drop si si endlech ofgeléist ginn an zeréck an England komm.

An der Normandie an uechter d’Welt hunn och nach aner Lëtzebuerger an den Räng vun den alliierten Armée gekämpft, dorënner och Dikricher Jongen. Zitëiere mer ënner anerem de Joseph MEDERNACH, de Roger DUMONT, de Robert WINTER, den Eugène ROULLING oder de Gaston JUNK.

Nodeems se sech e puer Woche konnten an England erhuelen a sech op déi nächst Operatioune virbereeden, sinn eis Kommandoe mat hirer Eenheet Enn Oktober op Oostende transferéiert ginn en vue vun der Landung op der Insel Walcheren, wat als Ziel hat d’Scheldemündung endgültig vun de Preisen ze botze fir esou den Hafe vun Antwerpen kënnen ze notzen.

Et war den 28. Oktober 1944, wou déi zwee Bridder NEVEN mat hirem Komerod, dem Pierre LAUX, eng Jeep mat Chauffeur zur Verfügung gestalt krute fir eng Permissioun vun dräi Deeg an hirem befreien „Doheem“ ze genéissen. Méi wéi dräi Jore ware se fort an et hat kee méi eppes vun hinnen héieren. Elo waren se erëm do an englescher Uniform, a se haten um Liberatiounskampf deelgeholl.

Während hirer Permissioun hu si déi traureg Noriicht missten heembréngen, dass den Félix PETERS gefall war. Eng läsche Kéier, éier si fortgefuer sinn, hu si nach eng Kéier mat den Dikricher Awunner am Café Thilges an der **Kräizstrooss** gefeiert an hier Erlebnisser erzielt. Dat sollt déi läscht Kéier sinn, wou den NEVENs Jäng seng Heemecht an säin Dikrich sollt erëmgesinn. Den 1. November sinn eis Kommandoen zu Vlissingen op der Insel Walcheren gelant. Den Dag selwer fällt den Pierre LAUX wéi hien e Bunker stiermt. Den Dag drop gëtt den NEVENs Jäng während engem Stroossekampf verwonnt a vu senger Eenheet isoléiert. Hie späert sech an engem Haus an fir dem Feind net an d’Hänn ze falen, gëtt spéiderhi vu senger Komerode fonnt a stierft während der Evacuatioun un enger Hemorragie. Dat war a kuerzen Zich d’Geschicht vun den dräi Dikricher Jonge vum D-Day.

Ech soen Iech Merci.

(Roland GAUL reprend et continue)

Ech maachen hei eng Klammer op: Verschidden Alleeën an der Kasär zu Dikrich droen Nimm vu Lëtzebuerger, déi an alliierten Uniformen am 2. Weltkrich an a Korea hiert Liewe ginn hunn – ënnert hinnen di zwee Dikricher Kommandoen, déi kuerz no der Landung gefall sinn. Et ass zu hiren Éiren an Udenken als lëtzebuerger Zaldoten, datt si op dës Manéier ëmmer mat eiser heiteger Arméi verbonne bleiwen. Och an eisem Musée, an der neier section „Anciens combattants“, si si veréiwegt.

Ech fuere virun.

Nom Ausbroch aus der Normandie ass den alliierte Virmarsch zügeg virugaang. Paräis gëtt den

25. August 1944 befreit vun den Amerikaner an der 2. Frans. Div. Blindée. D'Lëtzebuenger ware rassuriert. Eng Fro vu Wochen oder Deeg! Heemlech sinn alliéiert Fändele gebitzt ginn, fir eppes ze hunn fir d'Befreier ze begrëssen – een dovun hänkt bei eis am Musée an der Entrée.

Den **3. September 1944** ass di alleréischst US Erkundungspatrull kuerz zu Biirmereng gesi ginn.

Ufanks September huet een am Land gesinn, wéi Parteifonctionnairen, NSDAP Leit, „Gielemännercher“ a Kollaborateure vun der Nazi-Administratioun, inklusiv de Gauleiter Simon, sech mat zeréckflutenden, ugeschloene Wehrmachtstruppen ofgesat hunn. Hie selwer huet ower missten zeréckkommen, fir nach eng Kéier ze probéieren, Uerdnung hirzestellen. Duerch ganz Lëtzebuerg sinn deemools Dausende vun demoraliséierten däitschen Zaldoten aus Frankräich zeréckgedrängt a Richtung däitscht Rächtsgebitt a Westwall. Kleng däitsch Wehrmachtsunitéiten hu sech op wichtege Punkten a Lëtzebuerg verschantzt – hir Missioun wor so weit wei méiglech di amerikanesch Avance opzehalen, sou datt esou vill wéi méiglech Truppen a Material kéinten hannert de Westwall zeréckgeholl ginn, a mat hinnen di wéineg lëtzebuenger Collaborateuren.

Schliisslech wor et dunn den **9. September 1944** esouwäit: Déi éischt Amerikaner goung bei Péiténg iwwert d'Grenz – eng Oplärungseenheet vun der 5th US Panzerdivision, di 85th Cavalry Recon Sq, woubäi eng däitsch 75 mm Pak bei der Péiténger Millen een M-8 US Spähpanzer ofgeschoss huet an heibäi deen éischten Amerikaner, den Lt. Hyman Josefson, net méi erauskoum a lieweg verbrannt ass. Him zu Éieren gouf méi spéit vun de Péiténger Leit d'Memorial Hyman Josefson opgeriicht, wou all Joer den 9. September eng owendlech Zeremonie stattfënnt.

10. September 1944: De Combat-Command „A“ (CCA) vun der 5th US Armored (Panzer)Divisioun erreicht vu Bartréng aus d'Haaptstad. Si bréngen och de Pränz Félix an duerno de Pränz Jean mat zeréck. Den Divisiionskommandeur, den General Lunsford E. Oliver, an de Pränz Félix kréien an der Staat um Balcon vum Cercles Gebai op der Pléss d'Acclamatioune vun dausende Lëtzebuenger an enger onbeschreibflecher Atmosphère vun „endlech fräi sinn“. Bëssi méi spéit bréngen d'Amerikaner dunn de Pränz Jean an Uniform vun den Irish Guards mat an d'Stad. Hie gëtt stiermesch begréisst, op d'Schëllere geholl an rondrëm de Knuedler gedroen.

De Walkie Talkie Radio, deen de Pränz Jean deemools den 10. September vun den Amerikaner kritt hat fir mat hinnen ze communiquéieren, hänkt iwwregens als Cadeau vu SAR dem Grand-Duc Jean bei eis zu Dikrich am Musée. Matt Ausnahm vun däitsche Feier vum Fetschenhaff an Helfënterbréck (Panzerduell) gouf et keng nennenswäert Kämpf méi. Den US Virmarsch geet zügeg virun. Iwwerall ginn d'Amerikaner stiermesch begréisst. De Combat Command R (CCR) erreicht deen Dag Miersch, an de Combat Command B stéisst tëschent CCA an CCR virun.

Géint 19 Auer sprengen di Däitsch mat 8250 Kilo Fliegerbomben zu Dikrich d'stenge Bréck iwwert d'Sauer. Di läscht däitsch Truppen, vill mat Véloen a Paerdsgefirer mat Verwonnten a Material, zéien sech aus Dikrich zeréck. Et wor op eemol gespenstesch roueg. Kee wosst esou richteg, wat lass wär, mais d'Leit woussten et : D'Stonn vun der Befreiung steet bevir. D'Miliz ass séier aktiv ginn an huet de Leit gerode roueg ze bleiwen – di meescht wousste schonns, datt d'Haaptstad well vun den Amerikaner befreit gi war. Alles huet gespaant gewaart.

Ganz kuerz: Ee Profil vun der 5. Panzerdivisioun: Si huet sech haauptsächlech zesummegeat aus de Combat Commands A, B, C: (Gréisst ongeféier 3.500 Mann, jee, ze vergläiche mat enger heiteger Brigade). Dëst woren haauptsächlech di operationell Unitéiten a ware mat Sherman a Stuart Panzer equipéiert. Doniewent goufen et allherhand Ënnerstützungseenheeten, wéi Infanterie, Artillerie, Génie (Pionéier), asw. Am Prinzip waren di amerikanesch Unitéiten deemools vill méi mobil wéi hir däitsch Géigner.

11. September 1944 (dono gouf d'Rue du 11. Septembre/Revolvergaass zu Dikrich benannt). Deen Dag goufen Ettelbréck an Dikrich befreit.

Moies fréi: Den Czeslaw Dudzinski fiert mat sengem Vëlo bis bei di zerstéiert Bréck, geet iwwert d'Sauer an op d'Fielser Strooss. Hien ass een vun deenen éischten, di Meldung maachen un d'Miliz (Henri Felten) datt hie Kontakt gemaach hat beim Mouschbiere mat enger US Patrull, wou d'Zaldoten – déi ënnert sech wéi hie polnesch geschwat hunn – an esou schnell eng Vertrauensbasis entstan ass. Hie seet deenen US Zaldoten datt kee „Preis“ méi an Dikrich wier a fiert zeréck. Éischt US Jeepen treffe beim Päerdsrennen an, a si gi begréisst vun enger Rei Dikricher Leit. Zur Begréissung vun de Befreier wor dee Fändel mat 48 Stären, deen elo am Musée hänkt, derbäi. Well d'Sauerbréck jo onpasséierbar war fir Panzer, gouf dunn decidéiert, d'Amerikaner sollten iwwert d'Eisebunnsbréck am Park an Dikrich eraufueren. Dikricher Leit an US Zaldoten hunn dunn aus dem Dépôt Schou Madrille geholl fir se niewent d'Schinnen ze leeën, fir datt dës net géife vun de Panzerketten beschiedegt ginn. Am Nu wor d'ganz Populatioun op de Been. Kanner a Meedercher klammen op de Panzer. Zaldote goufe mat Blummen, mat „Kisses“ a mat Gedrénks begréisst. D'Dikricher Musik zitt op – ee Cortège organiséiert sech vun der Gare aus duerch d'Groussgaass op d'Kluuster an rondrëm Dikrich, de Fruuchtmaart, de Bottermaart, d'Esplanade, de Bamerdall etc. De Buergermeeschter Theis steet op der Trap vum Geriicht an hält eng patriotesch Ried. Ëmmer méi Leit komme mat Blummen a Gedrénks gelaf. Kollaborateure gi vun der Miliz verhaft, a bei enger Schéisserei kënnst de Jempy Preisen aus dem Bamerdall ëm d'Liewen. Den Deche Mathias Colling an een aneren Dikricher verhënnere, zesumme mat den Amerikaner, datt ee Kollaborateur, dee virdun duerch d'Stroosse bluddeg geschleeft ginn ass, net um Käschtebam bei der gesprengter Sauerbréck opgehangt gëtt. Et ass och zum Deel den Amerikaner ze verdanken, dass keng Lynchjustiz sech breet gemaach huet. D'Gielemännercher oder aner Nazi-Sympathisante ginn am Glyco agespaart a vun der Miliz bewacht!

Während där Zäit ginn déi nördlech Deeler vum Éislek duerch 28th Inf. Div. (Flankeprotektioun vun der 5th Armored Division) befreit.

Och nach den 11. September gouf et eng alleréisch US-alliéiert Patrull op däitschem Buedem, an zwar bei Stolzebuerg a Richtung Keppeshausen: De Sgt Warner Holzinger, den US Zaldot Coy Locke, de franséische Leutnant Lionel A. Delille an nach anerer woren d'Membere vun där Patrull. Si sollten di viischt Bunkerlinn vum Westwall erkunden.

Den **12. September**: Befreiung vun Ëlwen an dem Norde vum Land : US Patrullenaktivitéit.

Den **13. September** goufen Uesweiler/Iechternach (vun dem 112th Rgt/28th Inf.) befreit.

D'Amerikaner riichten am Dikricher Ëmkrees direkt eng Verteidigungsstellung op den Héichte vum südlechen Ourufer an mat Observatiouns- an Horchposten. Ennerstëtzungseinheiten an Dépôten mat villbestauntem Material bleiwen zu Dikrich.

Den 13. September 1944 schéissen d'Amerikaner een ToT (Time on target) op de Westwall. Dat heescht zu engem bestëmmten, präzisen Zäitpunkt huet all schwéier Waff eng bestëmmten Unzuel vu Schëss konzentréiert ofgeschoss – fir Stärkt ze demonstréieren! Vill Dikricher a Leit aus der Ëmgéigend kruten doropshin Messinghülsen als Souvenir!

De **14. September**: Zu Wallendorf erfollegt eng US Percée am Westwall – Duerchbroch a Richtung Bitbuerg bis zum 24. September. Hei woren d'Lëtzebuurger Al a René Schiltz, Vic Fischbach a Lucien Kraus derbäi. Leider woren d'Amerikaner net staark genuch an op de Flanke vulnerabel – zoudeems d'Prioritéit vun der Logistik zu deem Zäitpunkt bei d'Engländer goug. Dëse Bréckekapp huet dunn leider ab dem 24. September missten opgi ginn, a vum 28. September un haten all US Unitéiten sech erëm op dat südlecht Sauerufer zeréckgezunn!

Di 5th Ard. Div. iwwerhëlt d'Veteidigung vum Norde vum Land, während di nei agetrafen 83rd Inf. Div. sech méi am Osten, laanscht d'Musel an d'Hannerland, etabléiert.

Dat normaalt Liewe kënnst lues a lues zrëck. En Absence vun eiser Regierung, déi nach am Exil ass, iwwerhëlt Civil Affairs ënnert dem Col. Frank Frazer d'Leedung vum Land. Méi kleng Sous-Unitéiten, wéi

zum Beispill den Civil Affairs Detachment B1F1 ënner dem Maj. Matthews, ware fir den Norde vum Land zoustänneg an hu sech zu Dikrich an der Maison Rouge, dem heitegen Hôtel du Parc, etabléiert fir vun do aus d'Liaison mat den US Verbänn, de lokalen Autoritéiten, der Miliz, der Police, etc. ze maachen.

Di 5th Armored Division gëtt Enn September ofgezunn, an di 8th Inf. Div. kënnt eran. Si entwéckelt eng intensiv Patrullenaktivitéit. **Zur selwechter Zäit huet am Norden d'Operatioun Market Garden ugefaang, eng Initiative vum Fieldmarshal Montgomery.**

De 17. September 1944: Dräi Airborne Divisiounen (1st British, 101st AB; 82nd AB a polnesch Loftlandebrigade) sollten an Holland ofgesat ginn an di dräi wichteg Brécke bei Eindhoven, Nijmegen an Arnheim besetzen. Den XXXth britesche Panzerkorps sollt aus der Belsch eraus no Norde virstoussen a sech mat de Parachutiste vereenegen an d'Brécke securiséieren. Dat hätt dann den Alliéierten an dësem Frontabschnitt erlaabt, no Däitschland eranzestoussen. Leider sinn d'Renseignementer vu verschidde alliéierten Noriichtenoffizéier net eescht geholl ginn. Zwou SS Pz. Divisiounen louche bei Arnheim zur Opfréschung, d'9. SS „Hohenstauffen“ an d'10. SS „Frundsberg“.

Während et gegléckt wor, zu Eindhoven d'Bréck vum Wilhelmina Canal (101st) a bëssi méi spéit zu Nijmegen (82nd AB) d'Waal-Bréck ze kréien an op deenen zwou Plaze mat britesche Panzerunitéiten ze vereenegen, ass et den däitschen SS-Unitéiten gegléckt, d'Bréck zu Arnheim zrëckzeerobere. Heibäi ass di britesch 1st AB bal ganz operiwwe ginn (bal 8 000 Mann verluer).

De 26. September ass „Market Garden“ ofgeblose ginn – et gouf ze vill Verloschter op alliéierter Säit, a keng nennenswäert Resultater.

Zwee Deeg méi spéit, den 28. September, am Dikricher Raum (ech hat et schonns gesot), hunn d'Amerikaner och missten de Bréckekapp Wallendorf opginn, well d'Prioritéit vun der Logistik bei de Brite louch, an och wéinst mangelnder Flankeprotection. Dir kënnt iech virstellen, datt d'Amerikaner net frou waren, woren si dach schonns an Däitschland an hunn elo missten, nodeems se jo och eng gutt Partie Verloschter hu missen astiechen, deen Territoire, deen si erobert haten, erëm opginn aus politeschen Iwwerleeungen an aus Manque vu Verstärkung an Noschub!

Di alliéiert Logistik war bis un hir Grenzen epuiséiert. Well souvill Garen an Eisebunnslinien am Spéitsummer duerch alliéiert Bombardementer zerstéiert gi woren, ass dunn de **„Red Ball Express“ agefeiert ginn.** Dag an Nuecht si Camioner mat Noschubsgidder gelaf; si sinn haaptsächlech vu schwaarzen Zaldote gefuer ginn. Si hunn dofir gesuergt, datt den Approvisionnement u Carburant, Munition, Ersatzdeeler, Medezin, Ausrüstung, Liewensmëttel, nokomm ass an dohi geliwwert ginn ass wou e gebraucht gouf. D'Front laanscht Our, Sauer a Musel huet sech am Hierscht 1944 doropshin stabiliséiert. Lëtzebuerg gouf Etappe fir nei US-Truppen. „Paradise for weary troops“ gouf eist Land vun den Gls genannt, d'Paradäis fir ofgekämpften Truppen. De Krich wor nach net eriwwe, mais am Land wor et zimlech roueg.

Ee Schwéierpunkt op der Dir vum Éislek war Dikrich – no bei der Ligne de Défense un der Our a bësse weider erof vun der Sauer, mat gudde Stroossen, mat zolitte Gebaier fir temporär méi kleng Hauptquartéier, awer och mat genuch Fräizäitméiglechkeete fir d'Zaldoten, déi keen Déngscht haten. Fräizäit ... et wor zwar verbuede vun der US Militärregierung, den Gls Alkohol ze ginn! Mais ween huet sech schonns doru gehal! Maintenance fir schwéier US Gefierer gouf et an der Sauerwiss an am Haff vun der ... Brauerei. D'Patrullenaktivitéit a Richtung Westwall ass intensivéiert ginn an et goufen op der Verdedegungsline am Ourdall „Intelligence & Reconnaissance“, souwéi am Daag „Observation Posts“ an nuets „Listening Posts“ ageriicht (I+R, listening and obsv. Posts). „We were watching them, and they were watching us watching them“, huet eemol ee Veteran mir erzielt – well et kour zu kenge Kampfhandlung méi nodeems sech d'Front un der Sauer stabiliséiert hat.

D'Leit ware rassuréiert – d'Amerikaner sinn en masse hei – de Krich schéngt wäit ewech, well et ass net méi geschoss ginn, mat Ausnahm vun der US Artillerie op de Koppe rondrem Dikrich a Richtung

Däitschland/Westwall. Di Dikricher hu probéiert, sech lues a lues vun engem 4järege Cauchemar ze erhuelen. Vill Familjen awer haten nach Ongewëssheet iwwert hir Jongen oder Männer déi als Zwangsrekrutiert nach bei der Wehrmacht waren, oder Familjememberen an der Émsiidlung an an de Kazetter. An dat huet besonnesch wéigedoen – waren si jo elo fräi zu Dikrich, mais vill vun hire Leit an der Ongewëssheet.

Den Hierscht war do – d’Deeg si méi kuerz ginn, d’Wieder méi kal a reener. Et war och nach Ausgangspär no 22 Auer. Gendarmerie, Miliz an Hëllefspolizei hu fir Rou an Uerdnung gesuert, a woren a Kontakt mat den Amerikaner. Si woren och op Posten a si mat den Amerikaner op Patroulle gefuer. Eng amerikanesch Initiative vum **General Bradley** huet du virgesi fir, nodeems Aachen an amerikanescher Hand war, vun do aus duerch den Huertgenwald an Richtung Roer, Dämm and Urftalsperren virzes-toussen, a vun do aus an d’Häerz vun Däitschland eranzefalen. Doraus sollt „d’Allerseelenschlacht“ ginn, wéi se vun der Wehrmacht genannt gouf – d’Schluecht am Huertgenwald, wou vun Enn Oktober bis Mëtt Dezember 1944 9 US Divisiounen verblutt sinn, ofgesi vun deene villen däitsche Verloschter. Getarnete Bunker vum Westwall, Minnefelder, Artillerie mat Baumkriecher, Reen, Schnéiereen, Schlamm, Dreck, erfruerer Féiss ... etc. Nimm wéi Vossenack, Monschau, Schmidt, Kleinhau, Germeter ... sti fir eng total Fehlaschätzung vun der US Féierung: Zirka 21.000 onnëtz Doudeger op US Säit. Dat gëtt haut nach oft vertuscht.

Eng vun deenen total ugeschloenen US Eenheete war di 28th US Inf. Div, déi Mëtt November 1944 zeréckgezu ginn ass, an d’Plaatz am rouege Secteur laanscht d’Our, op der Verdedegungslinn vu Wallenduerf am Süden bis Ouren/Wäiswampech am Norden, mat dräi staark deziméierte Regimenten ageholl huet. Dikrich krut esou dat 109th Rgt zougedeele, vun deem awer kuerz drop d’Hauptquartéier zu Ettelbréck an der Ackerbauschoul ageriicht gouf. De Kommandeur war den LtCol James Rudder (Pointe du Hoc). Di gesamt 28th US Inf. Div. zesumme mam CCA 9th AD, mat der 4th Inf. Div. an an der Belsch der 106th Inf. Div. (onferfahren Div.) bilden den 8th US Corps un der sougenannter Geeschterfront an de lëtzebuergesch-belschen Ardennen.

D’Zaldote vun der 28th Inf. Div. hunn dringend Rou gebraucht an d’Divisioun eng Optrësung. Verluerent oder kapott Material huet missten ersat ginn. Och d’Moral huet missen opgepäppelt ginn. Fir d’Kampfkraaft ze erhale sinn oft Leit, déi jo am Spéitnovember op Posten op der Ligne de Défense louchen, ausgewieselt ginn. Si koumen dann an dësem Abschnitt op Dikrich fir aquartéiert ze ginn an e bëssi Fräizäit ze hunn. Den Hotel du Midi op der Dikricher Gare war d’Hauptquartéier vum 1st Batl. Dat 2nd Batl. louch zu Baastenduerf an dat 3rd Batl. zu Bettenduerf, mat deene respektive „rifle companies“ op der Ligne de Défense, awer och ëmmer mat Reserveeenheeten am Hannerland. Fir an deem Abschnitt Dikrich ofzesécheren waren dat 3rd Batl. an dat 2nd Batl. vu Wallenduerf-Veianen vum 109th op den Héichte vun der Our an de Verdedegungsstellungen a Bereetschaft. D’Schätzegrief gesäit een nach haut op der Promenade du Souvenir, haaptsächlech um Héischdref-Bettenduerfer Plateau.

Thanksgiving Day mat deem traditionelle Schnuddelhong, an duerno een Optrëtt vum Marlene Dietrich (10. Dezember 1944) am Wirtgenschlass, waren deemools zu Dikrich absolut Highlights fir d’GIs vum 109th Reg.

Während där Zäit si Preparative vun den Däitsche fir eng Offensiv am Westen dem Enn zougang. Däitschland hat deemools keng Alliiéiert méi. Un alle Fronte war ganz vill Material verluergang. D’Loftwaff an d’Marine waren esou gutt wéi geschloen.

D’militäresch Lag vun Däitschland am Spéithierscht 1944 war katastrofal. D’Zieler vun enger Offensiv sollte verschidder sinn: politesch – strategesch – taktesch. Dat erhoffte Resultat sollt eng Verzögerung vun alliiierter Aktivitéit fir een Asaz vu V-Waffen bréngen. Eventuell kéint och duerch dës Offensiv di alliiéiert Coalitioun un d’Wackele kommen.

Mais wou ugräifen? Den Hitler kuckt op d’Kaart: Am Osten wor et net méiglech an am Süden wär

keen nennenswäert Resultat erzilt ginn. Mais d'Ardennen woren ee Schwaachpunkt un der Westfront. Den Hitler woussst vun den Onstëmmegkeete bei den Alliéierten. Hie woussst och, datt grad d'Ardennen nëmmen dënn besat ware mat US- a briteschen Truppen. Zousätzlech louch eng permanent Schlechtwiederzon iwwert dësem Gebitt.

Di läscht Reserven an Däitschland si bei gréisster Geheimhaltung mobiliséiert ginn. Eng 23 Divisioun sinn nei opgestallt ginn. Vill vun den däitsche Volksgrenadier-Zaldote ware 17järeg, oder awer schonns iwwer 45 Joer al. Insgesamt sinn ± 250.000 Mann fir dës Offensiv aus der Heimatfront a vun deziméierten Divisiounen mobiliséiert ginn. Di meescht „Volksgrenadierdivisiounen“ haten nëmmen ee Stamm vu 25% krichserfuerehem Führungspersonal. Di däitsch Rüstungsindustrie gouf nach eng Kéier richteg lancéiert. 1.500 Kanounen an 900 Panzer, dorënner vill där neier „Königtiger“, goufe bereetgestellt. Iwwerall an Däitschland goung den „Heldenklau“ rondrem fir di läscht waffenfäheg Reserven ze fannen. Enner extremem Zäitdruck goufen di nei jonk Zaldoten ausgebilt. Ab Ufanks Dezember 1944 koum dunn d'Verleeën an d'Eifel. Vill Transporter sinn nuets mat Päerd ausgeféiert ginn. Et gouf no un der Grenz eng 5 Kilometer breet Sécherheetszon, an där kee Material oder Truppeneeler hunn dierfe sinn. Material a Munition goufe gutt getarnt an den Eifeler Bëscher laanscht d'Grenz stockéiert. D'Westwallbunker goufen zum Deel erëm besat – haaptsächlech als Beobachtungsposten oder Bereitstellungsraum.

Eng Divisioun heivun, déi am Raum Dikrich bei der Offensiv am Asatz war, wor di 352. VGD.

Opgestallt gouf si am Wehrkreis XII zu Flensburg. Zesummegevat wor si aus Reschter vun der 352. Infanteriedivisioun, déi an der Normandie bal ganz vernicht ginn ass, aus Luftwaffenbodenpersonal, aus Marinezaldoten an aus Volksdäitschen aus Polen. Mannschaftsméisseg wor d'Divisioun voll opgefëllt: Zirka 14.000 Mann, net vill Vehikelen, päerdsbespaant Artillerie, Fehle vu Funkgeräter. Ganz jonk 17järeg Zaldoten a Männer, déi schonns iwwer 45 waren. Kommandeur wor de General Erich Otto Schmitt. Zesumme mat den Nopeschdivisiounen, der 5. Fallschirmjägerdivisioun, déi nördlich Dikrich sollt Flankeschutz fir di 5. Panzerarméi ginn, déi den Uerder hat, St. Vith anzehuelen, an duerno Baaschtnech, wéi et ëm St. Vith net virugoung. Dann di 276. VGD an 212. VGD, déi méi ëm lechternach an am Osten vum Land, sollte Beefort, Berduerf, lechternach en esou weider anhuelen. Dës 4 Divisiounen hunn di 7. Arméi gebilt (Gen. Erich Brandenberger), där hir Missioun et war géint méiglech US Géigenugrëff vu Süden hier, déi 5. Panzerarméi op der lénker Flank ze schützen – souzesoen eng mobil Défense ze bilden, a bis op d'Linn Bettborn-Marteleng-Neufchateau sollt ofrigelen. Hir Moyensen fir dës Missioun waren total ungenügend.

Di 352. VGD – déi eis weinst Dikrich méi am Detail interesséiert- sollt mat hiren dräi Haaptregimenter 916, 915 an 914, tëschent Wallenduerf, Héischdref bis Fouhren iwwer d'Our, duerno d'Héichten anhuelen an d'amerikanesch Verteidigungslinn, déi jo vum 109th US Regiment gebilt gouf, andrecken, d'Stross Reisduerf, Bettenduerf, Dikrich besetze fir dann am weidere Vormarsch duerch Ettelbréck, Feele, Maertzeg, Groussbous bis Bettborn virzestoussen an hei géint méiglech US Géigenugrëff ofzrigelen.

De **16. Dezember 1944 moies ëm halwer 6** ass dunn als total Surprise di däitsch Offensiv lassgebrach mat engem giganteschen Artilleriebarrage op déi alliéiert Stellunge vum VIIIth US Corps, op der Linn lechternach – Monschau, also zirka 130 Kilometer. An deem Secteur deen eis interesséiert, goufen d'Amerikaner brutal erwächt, wéi di éischt Granaten an Dikrich gefall sinn a sech haaptsächlech op d'Garer Véirel konzentréiert hunn – den Hôtel du Midi goung a Flamen op! (US HQ – a Motor Pool). Vill däitsch Granaten an haaptsächlech Nebelwerferrakéiten sinn op d'Veerdeedegungsstellungen Héischdref-Bettenduerfer Plateau gefall, mat villen Doudegen a Verwonnten op US Säit. Wéi et dunn hell gouf, hunn d'Frontkompanien di éischt Feindberéierung kritt mat däitscher Infanterie, déi aus dem Ourdall eropkoum. Di meescht Feldtelefonlinnen waren ënnerbrach, soudatt et net kloer war ob et ee lokalen

Ugrëff war oder eng méi grouss Attack. Dat sollt eréisch den 18. Dezember feststoen, nodeems d'US Führung realiséiert huet, datt et eng massiv Offensiv war, mat Schwéierpunkt am Norden an der Belsch ëm St. Vith –Elsenborn.

De ganze **16. Dezember** ass um Héischdref Plateau gekämpft ginn. Op däitscher Säit sinn et vill Doudeger ginn, well se zum Deel vun onerfuerene ganz jonken Offizéier, „Sterbeleutnants“ genannt, geféiert goufen, an sech doduerch onvirsichteg um Plateau beweegt hunn, an d'Amerikaner den Notze vum Terrain haten. Et koum awer méi zu der Bettenduerfer Säit zu Infiltratiounen an zu erbatterte Kämpf am Bësch, zum Deel Nokämpf. Dat 1. Bataillon vum 109th Rgt ass direkt vun Dikrich, wou et a Raschtstellung louch, a Marsch gesat ginn fir deene bedréite Kompanien op der Our Verteidigungslinn ze hëllefen. Zu Longsdref koumen se ze spéit, well do däitsch Truppen d'Duerf schonns besat haten. Och Fouhren an zum Deel Tandel a Bastenduerf ware schonns an däitscher Hand.

De 17. Dezember ass dee ganzen Dag op den Héichten Héischdref-Bettenduerf viru gekämpft ginn, während op däitscher Säit d'Pionéier Behëllefbrécken iwwert d'Our gebaut hunn, fir dat schwéiert Material nozezéien (e puer kleng Panzer an Artillerie). D'Amerikaner hu sech weiderhin daper verdeelegt – si konnten och op eng performant Artillerieënnerstëtzung zielen, déi deenen Däitschen ze schafe gemaach huet. Mais d'Zaldoten hunn ugefaang midd ze ginn – d'Munitiou gouf knapp, wéi och d'lessratiounen, déi net iwwerall konnten nogeliwwert ginn. Hei goufen och zu Tandel dräi Zivilisten, Maria Dudziska, Pierre Ney an Pierre Winter, erschoss, wéi di Däitsch am Haus Gillen no Membere vun der Veiner Miliz gesicht hunn, déi hinnen am November vill Verloschter zougefügt haten.

Zu Dikrich woren d'Leit beonrouegt: Si souzen an de Kellere, well ëmmer erëm sinn däitsch Granaten ageschloen. D'Amerikaner zu Dikrich ware ganz nervös – si vill hin an hir gelaf.

Den 18. Dezember goug erëm un mat däitsche Granaten. D'Regimentshaaptquartéier vum 109th Rgt. huet den Uerder ginn, datt all nach ofgekämpften Kompanien op den Héichte vu Bettenduerf an Héischdref sech sollten iwwert Méischdref a Bettenduerf zrëckzéien, op di aner Säit vun der Sauer, an d'Brécke vu Reisduerf, Méischdref a Bettenduerf sprengen. Op däitscher Säit ass de Kommandeur vum 916. GR forcéiert ginn, den Héischdref Plateau ze ëmgoen an a Richtung Longsdref virunzedrécken (nodeems hien iwwert 400 Doudeger zeréckgelooss huet). Am Nomëtteg zéien d'Amerikaner sech dunn iwwer Bettenduerf laanscht d'Eisebunnstreck a Richtung Gilsdref zeréck. Dräi Sherman Panzer decke bei der Bleesbréck de Réckzuch a schützen d'Gilsdref Bréck. Hei ass och een Deel Dikricher Miliz an Hëllefsgendarmen op Poste fir den Amerikaner ze hëllefen, well d'Strooss Bleesbréck –Veianen gëtt vun den Däitsche bedrängt.

D'Nuecht ass zimlech roueg – op zwou Säite sinn se all erschöpft. Den **19. Dezember** zéien di lescht Amerikaner sech iwwer Gilsdref zeréck. Der Miliz geléngt et, nodeems ee Sherman-Panzer e Puer Schëss an d'Blesbréckhaus gesat huet, iwwer 70 däitsch Gefaangener aus den Haiser erauszehuelen an se no Dikrich ofzeféieren.

D'Amerikaner sprengen d'Gilsdref Bréck a riichten eng nei Verdeedegungslinn op den Héichten ëm Dikrich – Härebierg – Ierpeldenger Këppchen op. D'Bataillonshaaptquartéier vum 3. Bataillon war schonns den Dag viru vu Bettenduerf an de Keller vum Hotel des Ardennes zu Dikrich verluecht ginn. Hei kënt den 19. Dezember am fréien Nomëtteg eng Delegatioun vun Dikricher mat dem Lt. Théo Melchers, Kommandant vun der Gendarmerie vum Nordbezirk, fir mam US Kommandant ze schwätzen, dem Capt Kemp, dem executive Officer (Adjoint) vum 3rd Bn. Si ware besuergt, well et stoung fest, datt d'Amerikaner sech géifen zeréckzéien. Wat mat der Bevëlkerung? De Capt. Kemp huet telefonéiert op d'Regiment (Kommandant Lt.Col. Rudder) Rudder zu Ettelbréck, deen op Wolz an HQ vun der 28th Div. (Generol Cota). Dem Capt. Kemp seng Uerdere waren, d'Truppen eraus aus Dikrich ze kréien a sech bis hannert Ettelbréck zeréckzezéien an dobäi d'Eisebunnbréck, d'Angelduerfer Bréck an d'Bréck am Agank vun Ettelbréck ze sprengen. Hie krut awer Erlaabnis, sech och ëm d'Zivilpopulatioun ze këm-

meren. Hien huet een Evakuationsuerder geschriwwen (d'Original hänkt am Musée), d'Leit hu mussen ab 24 Auer Dikrich verloossen iwwert d'Eisebunnsbréck, déi dunn sollt gesprengt ginn nodeems dee läschten Awunner raus wär. D'Miliz geet d'Leit avertéiere fir nëmmen dat Allernéidegst matzehuelen a sech ab 24 Auer am Kolléischshaff anzefannen. Et wor ee groussen Duercherneen, iwwerall gesouch ee Päerdsween mat allerlee Bagagen, esouguer mat Miwwel. Zevill vun allem! Rondrëm d'Eisebunnsbréck louchen herno Schong, Miwwelstécker, Dëppen, etc. D'Strooss Dikrich – Ettelbréck blouf prioritär fir den US Réckzuch – d'Miliz déi do postéiert war huet d'Leit ëmgedrënt. D'Miliz huet och di politesch Gefaangen aus dem Glyco ënner Bewaachung a Richtung Mäerzeg matgeholl.

Mat Ausnahm vun zirka 150 Leit ass d'Dikricher Bevëlkerung erauskomm. D'Amerikaner sprengen d'Eisebunnsbréck – d'Sprengung gléckt awer net richtig.

D'Angelduerfer an d'Ettelbrécker Bréck sinn duerno an d'Luucht geflunn, während d'Leit zu Fouss op der Fielser Strooss waren, vun do aus iwwer Steeën, Schrondeweiler, Schieren op Miersch. US Militärcamionen hu se opgeraf an virun an de Süden transportéiert.

Di éischt däitsch Truppe sinn dunn kampflös ab dräi Auer moies ageréckt an hunn no Amerikaner gesicht. Etlich Dikricher, déi d'Evakuatioun verpasst haten, ginn zesummegedriwwen an an der Kierch als Geiselen agespaart a bewaacht bis di Däitsch sécher waren, datt keng Amerikaner oder Partisane méi hei waren.

Si selwer hunn ee Bataillonshaaptquartéier am Keller vun der Post ageriicht mat Kommunikatiounen, während Truppeneeler vun der Divisioun mat Artillerie an e puer kleng Panzer a Richtung Ettelbréck viru gaange sinn. Hei gëtt eng däitsch Kolonn den 21. Dezember duerch US Artilleriefeier aus Richtung Kolmer a Steeën bal ganz vernicht. D'Feier gouf geleet vun US Beobachter mat Hëllef vu de lëtzebuurger Maquisarden Pit Hansen an André Flesch. Mais den däitsche Virmarsch geet virun – d'Amerikaner hu während e puer Deeg keng Renforten a mussen sech weider zeréckzéien. Di Däitsch huelen Ettelbréck an, duerno Feelen, Mäerzeg, Groussbus a Préizerdall. Zu Mäerzeg kréien si nach emol vun der Task Force Rudder (Reschter vum 109th Regiment mat Artillerieënnerstëtzung) Verloschter, während an der Schankegriecht schonns Truppeneeler vum Generol Patton senger Arméi antreffen an den däitsche Virmarsch stoppen. Ettelbréck gëtt schonns den 24. Dezember vun Unitéite vun der 80th US Inf. Div. befreit. Staark deziméiert däitsch Truppe verloossen de Préizerdall an zéien sech iwwer Buurschent a Biirden, Friedhaff zeréck fir dann um nördleche Sauerufer am Abschnitt Biirden, Ierpeldéng, Dikrich, Gilsdref, Bettenduerf, Méischtréf eng Verdeedegungslinn opzeriichten. Chrëschttag probéieren d'Amerikaner, Gilsdref zréckzehuelen – dat gléckt awer nëmmen deelweis.

Ab dem 25. Dezember huet dunn d'Sauer d'Frontlinn markéiert. Di verbliwwe Leit bloufen zu Dikrich an hire Kellere an hu Feier gemaach, well d'Temperaturen no deenen heftige Schnéifäll vum 21. bis 23. Dezember si bis wäit ënner Null gaangen. Duerchschnëtt: Minus 15 Grad am Dag; minus 22 Nuets. Feier gëtt Damp, an Damp huet den US Beobachter gewise wou "däitsch Truppen an den Heiser wieren". Esou goufe vill Haiser beschoss, ouni datt d'Amerikaner woussten, datt nach Zivilleit an de Kellere dra gelieft hunn. Nei US Truppeneeler, dee zum Deel di Däitsch an der Petite Suisse gestoppt an iwwert d'Sauer zeréckgeworf haten, sinn dunn am Beräich Bettenduerf-Angelduerf op de südlechen Héichten a Verdeedegungsstellung gaangen. Sou waren d'Amerikaner an der Haardt, di Däitsch zu Dikrich, am Friedbësch an an der Seitert! Dikrich war eng Geeschterstad.

D'Prioritéit vun der US Army war zu deem Zäitpunkt onbedingt an der Belsch di Däitsch ze stoppen a Baaschtnech ze halen. D'Éislek war zum gréissten Deel dunn fir d'zweet besat. Während Ettelbréck schonns befreit war, huet Dikrich nach missten dräi Woche waarden op di zweet an definitiv Befreiung!

Kuerz virum Joereswiessel 1944/45 sinn Truppeneeler vun der 5. US Infanteriedivisioun (Red Diamond) am Sektor Bettenduerf-Angelduerf nei gruppéiert ginn am Hibleck op eng geplangten US Attack am Sauerdall vum XIIth Corps, deen aus der 5th a 4th US Inf. Div. forméiert gi war, nodeems di

Däitsch aus dem Raum Beefort- Kongsdref -Haler verdriwwe gi waren. D'Temperature ware barbaresch kal – et war net genuch Wanterkleedung zur Verfügung. D'Amerikaner, déi an der Haardt, dem Bettenduerfer Bësch, de Gilsdref Carrièren an am Hannerland souzen, hu gefruer. Och waren net genuch wäiss Lellecher do fir sech am Schnéi ze tarnen. Di Däitsch, déi jo Dikrich, Angelduerf, Gilsdref a Bettenduerf besat haten, ware besser do drun. Si souzen jo zum Deel an den Haiser, wou si méi geschützt ware géint d'Keelt, awer och géint Splitter – well ab und zu huet d'US Artillerie erageschoss. Dat wor besonnesch de Fall Enn dës Joers, op Silvester, wou d'US Artillerie an och dat zur Ënnerstëtzung erugezunnent 91st Chem. mortar Bn (dat sinn grousskalibreg Mortieren 4.2") vill Phosphorgranaten an Dikrich erageschoss hunn, an doduerch vill Haiser am Garer Véirel, an der Kaargaass awer och um Bottermaat verbrannt sinn.

Di Däitsch haten dunn de Batl. Gefechtsstand vum Regiment 916 am Keller vun der Quincaillerie Juttel verluecht mat hirem Kommandant, Maj. Schubring Giese, deen d'Verdeedegung vum Sauerabschnitt Angelduerf-Dikrich zesumme mat Reschter vum GR 914 befuele kritt hat. D'Quartéier vum GR 914 war verdeelt op d'Gebaier vun der Post an am Brauereiskeller am Bamerdall (haut Musée). Den Abschnitt Gilsdref-Bettenduerf ass verdeedegt gi vu Reschter vum GR 915 an dem FEB (Feldersatzbataillon) 352. Fir di artilleristesche Ënnerstëtzung stoungen den däitschen Truppe Batterie vum AR (Artillerieregiment) 1352 zur Verfügung mat 10,5 cm an sFH 15 cm Haubitzen niewent Batterie vum 21cm an 15 cm Nebelwerfer rondrëm de Këppenhaff. Hire VB (vorgeschobener Beobachter) war zum Deel an der Seitert, zu Biirden an um Reuteschhaff um Haerebiërg – di heiteg Kasär. Vun deenen zwou Platze konnt een de Sauerdall an d'Haardt gutt agesinn.

Wéi gesot – **Ufanks Januar 1945** war di ganz Front gespenstesch stëll. Di Däitsch wousste wuel datt d'Amerikaner, déi an der Haardt an a Richtung Steeën waren, iergendwéi erëm géifen zeréckschloen. D'Amerikaner selwer hunn zu deem Zäitpunkt op weider Renfortsen gewaart, haaptsächlech op zousätzlech Pionéier- a Flossiwurquerungsmaterial, well d'Sauer war dee gréissten Obstakel: Keng Bréck war méi ganz, an d'Sauer war gefruer. Dat huet och Patulle béiderseits erlaabt, nuets wäissgetarnt iwwert d'Sauer zu kommen an dat géigneresch Ufer ze sondéieren. Ab und zu sinn nuets Schëss gefall wann zwou géigneresch Patrullen aneneegelaaf sinn. Oft hunn di Däitsch an Äerdbunkerer un der Sauer Englesch héieren, an d'Amerikaner Spuren am Schnéi gesinn, déi vum Sauerufer erop a Richtung Haardt gaange sinn. Mais wéi gesot: Ofgesi vun der Patrullenaktivitéit an ab und zu emol e puer Granate vun der US Säit, war et roueg.

Däitsch Pionéier hunn och nuets di zwéi Saueruferer verminnt – haaptsächlech mat nëtmetallesche Minnen, besonnesch vum Park aus a Richtung Angelduerf, wou een amerikaneschen Ugrëff erwaart ginn ass. Een aneren däitsche Schwéierpunkt vun hirem Defense war bei der zerstéierter Sauerbréck an Eisebunnsbréck, well si gemengt hunn, d'Amerikaner géife beim Ugrëff schnell di Brécke flécken an erëm brauchbar maachen.

Di zirka 150 Dikricher Leit – heizou zielen net di Krank, déi am Spidol mat de Schwëstere zeréckbliwe waren an déi hu misste mat de Better an der Keller geholl ginn – bloufen an hiren Haiser an de Kellere. Fir sech ze wieren an eppes Waarmes z'essen ze hunn, hu si Feier an d'lewe gemaach. Den Damp huet dann natierlech US Artilleriefeier op sech gezunn. Eng Häerd Haiser sinn esou zerstéiert ginn. D'Amerikaner woussten natierlech net datt et sech ëm Ziviliste géif handeln, mais hu gemengt et wieren onerfueren an onvirsichteg däitsch Zaldoten. Di Däitsch hunn dat séier an Uecht geholl an hunn d'Leit aus de Kellere an aus hiren Haiser erausgeholl. D'Leit hu geduecht: elo gi mir erschoss! Mais si goufen an deene verwëllefte Kellere vun der Aler Brauerei (Musée) ënnerbruecht, fir méi sécher ze sinn, well duerch di déck Maueren ass keng Granat duerchgaang! Hei wor jo ee Bataillounshaaptquartéier vum GR 914 matt enger Noriichtenzentral a matt enger Verbandsplaz. D'Feldkichen fir di Däitsch ze ravitailléiere stoung op däitschem Buedem di aner Säit vun der Our. Dréckwaasser koum

vun der Quell hannert der Aler Brauerei. All Dag wann et owes däischer ginn ass, du sech eng zirka 30 jonk däitsch Zaldote mat Weenercher wäissbehangen op de Wee gemach fir Verpflegung ze kréien. Anerer hunn d'Heiser zu Dikrich duerchsicht no lessbarem! Hei war esouguer e puer Mol een Éisleker Bouf, Student aus dem Kolléisch, mat derbäi. 16–17 däitsch Zaldoten – an ee Jong vu 14 Joer. Muss een sech emol virstellen.

Di Däitsch hate soumat d'Responsabilitéit vun den Zivilleit am Keller – si hu se mat verfleegt, an d'Leit hunn alt gehollef, däitsch Verwonnter ze verbannen. D'Behuele war korrekt – eng Schicksalsgemeinschaft! Een Dag koum ee Mann no medezinescher Hëllef froen, mais ... keen Dokter do. Eng héichschwanger Fra, déi kuerz virun enger Gebuert stoung an an de Wéie louch, gouf an de Keller erofbruecht. Ee Sanitätsfeldwebel war awer do, deen sech der Fra dunn ugeholl huet. D'Kand koum op d'Welt, mais ass dräi Deeg no der Gebuert gestuerwen. Iwwerhaupt sinn etlech al Leit am Keller gestuerwen. Si goufen am éischte Raum rechts niewent dem Agank, zum Deel a Särg aus enger Schräinerei vun Dikrich, opgeboort, wou di äiseg Keelt d'Läiche konservéiert huet – well am Dag konnt kee sech dobausse weisen. Alles, wat sech beweegt huet, hunn d'Amerikaner vun der Haardt aus gesinn a mat Artillerie agedeckt. Och war de Buedem esou haart gefruer, sou datt ee keen hätt kënnen begruewen!

Mëtt Januar 1945 sinn di Däitsch ëmmer méi nervös ginn, well alles huet op een imminente US Ugrëff schléisse gelooss. Si hu schnell zousätzlech MG Posten um Bord vun der Sauer bei der Gare – Killhaus ageriicht. Di meescht Zivilpersounen sinn dunn nuets zu Fouss no Branebuerg evakuéiert ginn.

An der Nuecht vum 17.–18. Januar 1945 bei minus 23 Grad wor et dunn esou weit. Géint dräi Auer moies fréi koum dunn vum 12th US Corps den Uerder fir dat 2nd an 10th Regiment vun der 5th Inf. Div. unzegräifen, d'Haardt an de Bettenduerfer Bierg erof, iwwer d'Sauer, iwwer de Goldknapp-Këppenhaff an di aner Säit iwwer de Kranzenhaff, Longsdref, Fouhren, Niklosbiereg, Pëtschent, Pull a Laaschent virzestossen a sech bei der Houschterdéckt ze vereenegen. Dat war de Plang.

Am Secteur Angelduerf-Dikrich/Kléck sinn dunn d'Pionéier vum 7th Eng Bn, zesumme mat der Infanterie vum 2nd an 10th Rgt mat Booter d'Haardt an de Gilsdrefere Bierg, wäiss getarnt an onni Artillerieverbereedung, virsichteg erofgaang. Weider rechts d'Unitéite vum 10th Rgt bei Bettenduerf. Dikrich selwer sollt ëmgoe ginn, well keng Erkenntnisser vun der geneeër Stäerkt vun deenen Däitschen do war. Et wor eng hell Nuecht – d'Amerikaner si gesi ginn am Hank nach iert se beim Sauerufer waren. Dunn ass hinnen däitsch Maschinengewierfeier entgéintgeschloen an et si vill Doudeger a Verwonnter ginn. Iwwerall goug dunn dat däitsch Ofwierfeier lass. D'Amerikaner sinn esou schnell wéi méiglech gerannt fir mat de Booter iwwer d'Sauer ze kommen. Vum Bord vun der Seitert aus huet eng däitsch Pak Granat ëm Granat op den Hank vun der Haardt geschoss. Ab und zu och Granatwerferfeier. Och di däitsch Artillerie um Këppenhaff gouf aktiv. Di amerikanesch dunn och, déi vu Steeën an de Gilsdrefere Carrièren Dikrich an Angelduerf agedeckt huet. Leuchtkugelen sinn permanent dertëschent geplätzt. Explosiounen, Kreesch, Maschinengewierfeier an esou weider. Di éischt amerikanesch Well am Garevéirel bleift am Kugelhagel leien. Vill Verwonnter brauchen direkt Hëllef fir datt si net erfréieren.

Eng frontno First Aid Station gouf am Café Heinzl, „beim Jeff“ op der Fielser Strooss, an eng méi grouss Station de Tri (Medical Clearing Station) fir di Verwonnte mat chirurgescher Abteilung op der Tschiddeschmillen ageriicht. Bei Angelduerf geléngt et den Amerikaner iwwer d'Sauer, mais um aneren Ufer gëtt hiren Elan duerch Minnefelder (heitege Cactus) gebremst. Géint Mëtteg vum 18. Januar 1945 sinn d'Amerikaner vum 2nd Reg. iwwer de Goldknapp an errechen de Rand vun Dikrich am Floss a beim Kierfecht. Di Däitsch hunn dës Bedroung fir Feier an de Réck ze kréie realiséiert, an zéien hir Truppen am Garevéirel an am Park of fir sech an den nördlechen Deel zeréckzézéien an ze verbarrikadéieren. Längst hat hier eegen Artillerie opgehal mat schéissen, well d'Munitiouen war äusserst knapp. De ganzen Dag an Nuecht ass ënnen an Dikrich gekämpft ginn. Den 19. Januar waren d'Amerikaner bis d'Kluuster an Agank Bamerdall virgedrongen. Si sinn an der Spidolstrooss an befreien d'Spidol wou ee

ganze Koup al a krank Leit mat de Schwësteren nach am Keller setzen – och etlech däitsch Verwonnter waren hei.

Op der rechter Flank hat dat 10th Reg. schonns Gilsdref a Bettenduerf zeréckeruewert, hat vill däitsch Gefaange gemaach, a war well den 19. Januar bis un de Rand vun der Our erof bei Kranzenhaff gestouss. Baastenduerf a Branebuerg sinn doropshi befreit ginn an d’Amerikaner hunn du probéiert, a Richtung Këppenhaff virunzestoussen.

An Dikrich selwer realiséiert de Major Schubring-Giese, datt et kee Wäert huet mat zum Deel 17järege, schwachen an ausgemergelten Zaldoten den Heldendout ze stierwen a gött den Uerder zum Ausbroch iwwert den Härebierg. D’Amerikaner hunn den 20. Januar zwar nach zousätzlech méi kleng Gefechter am Bamerdall a Richtung Friedhaff gehat, mais **den 21. Januar war ganz Dikrich befreit**. Am Keller vun der Bamerdaller Brauerei befreien si eng Partie Leit an huelen och däitsch Gefaangener mat, déi sech ergi wollten an d’Zivilleit gebieden haten, si sollten den Amerikaner soen, datt se sech géifen erginn.

Den 21.–23. Januar, ginn et awer nach schro Kämpf ëm de Friedhaff, an der Seitert, am Këppenhaff, bis Lëpschent bei minus 25 Grad Keelt an der Nuecht. Et goung drëm, di wichteg Strooss Dikrich –Housen ze besetzen; si war wichteg fir di zwou Säiten. D’Amerikaner waren erschöpft. Dat 11th Reg. vun der Divisioun ass dunn nogezu ginn an huet turnusweis d’Eenheete vum 2nd Reg. ofgeléist – duerno, Enn Januar, d’Eenheete vum 10th Reg., déi méi un de Wanterkampf gewinnt waren, well si schonns 1941 an Island (FBI – Men „Forgotten Bastards of Iceland“) waren.

Houschent gouf dunn den **23. Januar** vum 11th Reg. befreit – Pëtschent, Wuelëssen an d’Emgéigend vum 10th Reg. **Ëm den 28. Januar** haten d’Amerikaner hiert Objektiv, de Schinker, erreecht a goufen dunn ofgeléist an konnten sech am zerstéierten Dikrich e bëssi ausroue bis ëm de 5. Februar, wou si dunn erëm laanscht d’Sauer bei Dillingen-Weilerbaach an Ausgangsellunge gaange sinn fir dann ab dem 7. Februar um groussen Ugrëff iwwert d’Sauer a Richtung Bitburg an Tréier deelzehuelen – di sougenannt Rheinland-Kampagne.

Di Däitsch konnten, nodeems den US Bréckekapp Dikrich den 20. Januar konsolidéiert war an d’US Pionéier Brécke gebaut haten, an du Panzer nogestouss sinn, nach just den US Virmarsch verlangsaamen. Si selwer hate kee schwéiert Material méi, keng Zuchmëttelen ausser Päerd, keng Munitioun méi – an hu sech an östlecher Richtung iwwert d’Our erëm an de Westwall zeréckgezunn.

Den Dikricher Leit war bis op e puer Ausnahmen erspuert bliwwen, ënnert der Artillerie an den Infanteriekämpf ze leiden. Di Alleréischt koumen Enn Februar - Ufanks Mäerz 1945 an hir zerstéiert Stiedchen zeréck, de Gros awer eréischt aus der Evakuatioun Enn Mäerz - Ufanks Abrëll, well et waren nach vill Geforen: Däitsch Minne bei der Sauer, iwwerall Munitioun an zerschossent Material. Mais de Cauchemar vu 5 Joer war endlech eriwwer. Dorun, un des Zäiten, soll eise Musée haut an an Zukunft erënnere.

Ech soen iech MERCI!